1. Organisateur

D'Gewënnspill gëtt organiséiert vum:

Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS)
163, rue du Kiem
L-8030 Stroossen
Lëtzebuerg
E-Mail: info@zls.etat.lu

2. Dauer vum Gewënnspill

D'Gewënnspill leeft vum **2. bis den 30. November 2026** am Kader vun der Aktioun „Wuert vum Joer".

3. Participatiounsbedéngungen

D'Gewënnspill ass op fir all Mënsch.

Jiddereen däerf esou oft matmaachen, wéi e wëllt; et kann awer kee méi ewéi ee Kaddo gewannen.

4. Participatiounsmodalitéiten

Et kann ee matmaachen, andeems ee säin Accord, fir beim Gewënnspill matzemaachen, explizitt gëtt, sief et um Pabeier (op de Walfer Bicherdeeg) oder online: iwwer dëse Link oder de QR-Code.

D'Participantë mussen hir E-Mail-Adress oder Telefonsnummer uginn.

5. Auswiel vun de Gewënner

D'Gewënner gi per Auslousung (Tirage au sort) bestëmmt. Fir dës Auslousung ginn all déi valabel Participatioune consideréiert.

6. Präisser

Et ginn dräi Gewënner ausgewielt.

D'Präisser bestinn aus Kaddoen; dës kënnen net a Boergeld ausbezuelt oder géint aner Produiten oder Servicer ausgetosch ginn.

7. Informatioun vun de Gewënner

D'Gewënner gi per E-Mail oder Telefon – jee nodeem wat se als Kontaktméiglechkeet uginn hunn – kontaktéiert.

Am Fall vun enger Net-Äntwert ass keng strikt Frist virgesinn, den Organisateur behält sech awer d'Recht vir, en neie Gewënner ze bestëmmen.

8. Perséinlech Donnéeën

D'perséinlech Donnéeën, déi am Kader vum Gewënnspill gesammelt ginn, ginn ausschliisslech benotzt fir:

- d'Gestioun vun de Participatiounen;
- d'Bestëmmung vun de Gewënner;
- d'Kommunikatioun am Kader vum Gewënnspill.

D'Donnéeë gi gehalen, bis déi dräi Gewënner konnte bestëmmt ginn, an duerno zerstéiert.

D'Donnéeë ginn net fir Marketing- oder kommerziell Zwecker benotzt.

9. Gültegt Recht

Dëst Gewënnspill ënnerläit dem Lëtzebuerger Recht.

All Sträitfäll am Zesummenhang mat der Interpretatioun oder der Ausféierung falen ënner d'Zoustännegkeet vun de Lëtzebuerger Geriichter.